# D'PR-Strategie vum Kulturjoer 2007

*D'Iddi fir eng europäesch Kulturhaaptstad ass zanter 22 Joer eng vun de populärsten Aktioune bannent der EU. Lëtzebuerg ass biswell déi eenzeg Stad an Europa, déi dësen Titel zweemol dréit an deelt en dowéinst, wéi mer wëssen, 2007 mat der ganzer Groussregioun an der Partnerstad Sibiu a Rumänien. Déikéier ass villes anescht wéi 1995. Net eleng de Programm setzt aner Schwéierpunkten, och de Public, dee viséiert gëtt, ass radikal en aneren.*

Claude Mangen

Deemools hunn déi Responsabel vu Lëtzebuerg 1995 gefaart, net op der Héicht vun den Erwaardungen ze sinn an am Verglach mat fréieren Europäesche Kulturhaaptstied net gutt do ze stoen. Dowéinst huet ee sech net den Titel vun enger Haaptstad op de Fändel geschriwwen, mä méi bescheiden „Stad vun der Kultur 1995" genannt. D'Konsequenze kenne mer. 12 Joer méi spéit ass eis Gesellschaft eng aner an et muss een deem neie Kulturjoer mat aneren Erausfuerderungen entgéint kommen. De Bierger vum Grand-Duché an den Awunner vun der Stad Lëtzebuerg goufen 1995 «365 jours d'émotions et de créativité» versprach. Wann och net Jidderee vun der kultureller Offer profitéiert huet, da war een dach «au courant», well d'Kulturjoer war net nëmmen an der Stad, mä och iwwer Land an et huet ee sech scho misse gutt uleeë, fir derlaanscht ze kommen.

2007 ass dat anescht. D'Kultur ass net méi sou no beim Bierger, mä huet sech op e puer alternativ Plazen zréckgezunn, fir net ze soen isoléiert. Wien dem bloen Hirsch wëllt begéinen, muss sech op d'Juegd maachen. De Programm ass verschlësselt a kleng gedréckt, e Kuddelmuddel vu Manifestatiounen, wou ee sech net sou liicht zuwee fënnt. Dat seet alles näischt iwwer d'Qualitéit vun der Offer aus, verzielt awer iwwer d'Approche vun de Responsabelen, déi net schrecklech *user*-fréndlech ass. De Koordinateur Robert Garcia huet zwar probéiert, den offizielle Jorespro-gramm op der Presentatioun mat enger Lupp an der Hand selwer ze kritiséieren, ma zanterhier ass et keng Spur besser ginn. De Calendrier mensuel ass sou onattraktiv gemaach a schwéier z'entzifferen, datt ee muss vill gudde Wëllen an nach vill méi Gedold hunn, wann ee wëllt en Duerchbléck kréien. Als Kulturkonsument wëll ech invitéiert, verféiert an hoféiert ginn. Dat gëtt mer am Kulturjoer 2007 schwéier gemaach.

Et ass net einfach, déi enorm grouss Offer un de Mann oder d'Fra ze bréngen, mä ass net grad dat d'Konscht vun all PR-Agence, d'Erausfuerderung fir all Grafiker an Designer. Grad haut wou an alle Beräicher souvill Geld an Zäit a Kommunikatioun a Marketing investéiert gëtt, ass d'PR-Strategie vun 2007 net ze verstoen. Vläicht sinn ech vill ze almoudesch, mech mat deem Layout unzefrënnen, vill ze konservativ, fir dee spannend an interessant ze fannen. De grafeschen Design ass jonk, zäitgeméiss an in. Vläicht spieren ech mech dowéinst net ugesprach.

Am Verglach mat 1995 wou nach probéiert gouf, dee leschte Provënzler hannert dem Uewen erauszelackelen, viséiert 2007 e jonken, kosmopolitesche Publikum, dee raimlech wéi intellektuell extrem mobil ass. Wien dat net ass, fënnt leider keen Zougank a spiert sech eleng gelooss. Wie sech trotzdem wëll op d'Kulturjoer zoubewegen, muss schonn héich motivéiert an engagéiert sinn. Mä vläicht ass et mam Kulturjoer wéi mat Medikamenter, net zevill laang déi klenggedréckte Niewewierkunge liesen, mä déi batter Pëll einfach schlécken. Duerno soll et engem bekanntlech besser sinn.

**Wien dem bloen Hirsch wëllt begéinen, muss sech op d'Juegd maachen. De Programm ass verschlësselt a kleng gedréckt, e Kuddelmuddel vu Manifestatiounen, wou ee sech net sou liicht zuwee fënnt.**

*Kulturkronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50*

*Kulturkronik vum 24.4.2007*

*De Claude Mangen ass Programm-Koordinateur vum radio 100,7.*